



REÇU
Par Christine Wirgen, 15:27, 03/03/2021

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur & Gesondheet weiderzeleeden.

D'Rettungsdéngschter sinn en essentielle Bestanddeel vun eisem Gesondheetssystem. E sécheren Transport vu kranke Persounen an eng kompetent Prise en Charge vu Verletztenen direkt no engem Accident, si vu grousser Wichtigkeet. Dofir gesäit déi aktuell Impfstrategie och fir, dass d'Rettungsdéngschter prioritär géint de Covid-19 geimpft kënnen ginn, fir esou operationell ze bleiwen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persoune beim CGDIS goufe scho geimpft?
2. Wéi vill Persoune vum CGDIS kruten eng Invitatioun fir eng Impfung geschéckt?
Wéi vill Persounen hu vun der Offer profitéiert?
3. Unhand vu wéi engen Date goufen d'Invitatiounen fir de CGDIS eraus geschéckt?
Kann et sinn, dass dës Date Lücken opweisen a Persoune vergiess goufen?
4. Wéi vill Persoune vum CGDIS wäerten nach an de kommende Woche geimpft kënnen ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député





La Ministre

Luxembourg, le 7 avril 2021

REÇU
Par Christine Wirgen, 08:32, 07/04/2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Concerne : Question parlementaire n° 3758 du 3 mars 2021 de l'honorable Député Sven Clement concernant la vaccination contre la Covid-19 pour les membres du CGDIS

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, a vun der Madame Gesondheetsministesch, Paulette Lenert, op d'parlamentaresch Fro n° 3758 vum éierbaren Deputéierte Sven Clement zum Thema « Vaccination contre la Covid-19 pour les membres du CGDIS »

Den Deputéierte Sven Clement stellt eng Rei Froen zu der Impfung vun de Membere vum Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS).

Am Kader vun der Impfstrategie vun der Regierung sinn 2.327 Persounen, déi beim CGDIS en *Emploi opérationnel* am « Secours à personne » (SAP) hunn, identifizéiert ginn, fir geimpft ze ginn.

Déi vum Deputéierte gefrotene Informatiounen evoluéiere vun Dag zu Dag. An der Moyenne kréien 200 Persounen an der Woch eng Invitatioun, fir sech impfen ze loossen. Ongeféier 80% dovou losse sech schlussendlech och impfen.

D'Invitatioune sinn op Basis vun enger interner Datebank vum CGDIS erausgeschéckt ginn a baséieren op Kritären, déi de Comité directeur vum CGDIS folgendermoosse festgeluegt huet:

1. Pompjeeë mat engem *Emploi opérationnel* am Beräich SAP, déi am direkte Kontakt mat COVID-19-Patiente stinn;
2. Den Alter (ugefaange mat de Leit, déi méi al wéi 55 Joer sinn);
3. Unzuel vu geleeschte Permanence- a Gardestonnen am Joer 2019;
4. Op Basis vun enger interner Ëmfro zu der Impfbereetschaft, déi am Dezember 2020 stattfonnt huet.

De Fichier ass un d'Inspection générale de la sécurité sociale (IGSS) weidergeleet ginn, fir dass d'Persounen op Basis vun hirer Matricule invitéiert konnte ginn.

Et sief och ze preziséieren, dass déi eenzel Impfzentren um Enn vum Dag den 112 kontaktéieren, am Fall, wou Impfdosen iwwreg bliwwen sinn. Dee Moment informéiert den 112 d'Equipen, déi Déngscht hunn an nach net geimpft sinn, an invitéiert si, an den Impfzenter ze fueren.

Dat Personal vum CGDIS, dat nët ënnert dës Kritäre fält (fräiwëlleg an haaptberufflech Pompjeeën ouni operationellen *Emploi* am SAP), gëtt entspreichend der Impfstrategie vun der Regierung geimpft, dat heescht nom Alter respektiv der Vulnérabilitéit.

Bis den 2. Abrëll kruten 2.145 Persoune vum CGDIS eng Invitatioun, dovunner goufen der 1.583 geimpft.